5.06.2009 – Gemeng

Aktiounsdag « Alternative Schoulhaff »

Bei engem éischten Aktiounsdag ass fläisseg um « Alternative Schoulhaff » geschafft ginn. Dëse Projet ass mat Workshopen ënner de Leedung vum Professor Klaus Wappler ausgeschafft ginn.

Mat der Hëllef vu villen Enseignanten, den Elteren an dem Gemengeservice sinn déi éischt Spiller ugeluegt ginn. Dobäi ass vill Eegeninitiativ gefrot. Dëse Schoulhaff soll de Kanner d'Méiglechkeet gi sech an a mat der Natur auszetoben. An aner Gemenge si mat et dëser Offer ganz gutt Erfahrunge gemat ginn. Wichteg ass natierlech d'Akzeptanz vun dësem Konzept bei den Eltere well knaschteg Schong oder eng naass Box sinn net ëmmer ze vermeiden.

D'Realisatioun vun dësem flotte Projet mat pädagogeschem Hannergronn baut also op d'Mataarbecht vun alle Partneren a jiddereen ass wëllkomm fir selwer mat aktiv ze sinn. E nächsten Aktiounsdag gëtt, wann d'Wieder am Fréijoer erëm besser ass, vun der Elterevereenegung organiséiert. Avis aux amateurs !